*35 Joer zu Lëtzebuerg*

**Unity Foundation feiert 35 Joer**

2026 feiert d'ONG Unity Foundation hiren 35. Anniversaire a kuckt op méi wéi dräi Joerzéngte zeréck, geleet vun der Iwwerzeegung, datt all Mënsch innerent Potenzial huet, dat duerch Bildung a Formatioun entfalt ka ginn.

Bildung ass e Recht, an hir Auswierkunge si transforméierend. Zënter 35 Joer setzt Unity Foundation dat an d'Praxis ëm, andeems si mat lokalen Organisatiounen zesummeschafft, déi Programmer ubidden, duerch déi Mënsche Wëssen a Kompetenzekënnen entwéckelen, fir hiert eegent Liewen ze verbesseren an zum Wuel vun hirer Communautéit bäizedroen.

Am Mëttelpunkt vun der Aarbecht vun Unity Foundation steet den Engagement fir nohalteg Verännerungen, déi an de lokale Realitéite verwuerzelt sinn. Den Grondsteen dovun si laangfristeg Partnerschafte, déi mat lokalen Organisatiounen opgebaut gouwen fir sie dann och finanziell am Kader vun den Projete ze ënnerstëtzen. Domat gëtt garantéiert, datt d'Akteure vun der Entwécklung déi sinn, déi hir Communautéite am beschte kennen. Hiren Usaz stäerkt lokal gedroe Initiativen a baséiert op dräi Handlungsberäicher: 1) Écoles Communautaires: Lokal Schoulen, déi Kanner ab dem Préscolaire a ländlechen a periurbanen Géigenden eng héichwäerteg Educatioun bidden, 2) Préparation pour l'Action Sociale (P.A.S.): Dëse Programm stäerkt d'Fäegkeete vu jonke Leit an Erwuessener, fir Initiativen ze ergräifen, déi dem Wuelbefanne vun hire Communautéiten déngen, an Domäner wéi Gesondheet, Landwirtschaft an d'Erhale vun der Ëmwelt, 3) Centres de Formation: Hei steet Begleedung an Formatioun vun den Organisatiounen am Fokus, déi lokal Schoulen a ronn zéng afrikanesche Länner an d'Liewen rufen.

Zënter 1991 huet Unity Foundation enk mat lokalen Organisatiounen a 17 Länner fir Bildungs- a Formatiounsprogrammer kooperéiert fir esou Honnertdausende vu Mënschen d'Liewen nohalteg ze verbesseren. Wärend dësen 35 Joer huet de Ministère fir Aussebezéiungen hir Projeten kontinuéierlech kofinanzéiert. D'Programmer, déi Unity Foundation haut ënnerstëtzt, begleeden jonk Leit an Erwuessener dobäi, lokal Schoulen opzebauen, landwirtschaftlech Aktivitéiten z'entwéckelen an sech op eng Manéier an hirer Communautéit anzebréngen, déi hire Fäegkeeten, Talenter an Aspiratioune gerecht gëtt.

Den Message ass einfach: "Unity starts with U!"

> *Mat 35 Joer hunn mir e wichtege Meilesteen erreecht a vill Erfarung gesammelt. Gläichzäiteg behalen mir d'Energie vun engem Start-up fir d'Joren, déi nach virun eis leien – a bréngen esou dat Bescht aus béidem zesummen. —Fernand Schaber, President vun Unity Foundation*

No vir gekuckt bleift Unity Foundation engagéiert, den Zougang zu Bildung a Formatioun weider auszebauen, ëmmer méi Mënschen dobäi ze ënnerstëtzen, hiert Potenzial ze entdecken an ze entfalten, an Communautéiten ze stäerken, fir hiren eegene Wee vun der Entwécklung ze gestalten.

Fir méi Informatiounen iwwer Unity Foundation an hir Programmer, besicht www.unityfoundation.lu

**Iwwer Unity Foundation**

Unity Foundation ass eng lëtzebuergesch Organisatioun, déi sech fir d'Autonomiséierung vu Communautéiten duerch Bildung asetzt. Als akkreditéiert ONG ginn all hir Projeten am Kader vun engem fënnefjärege accord-cadre vum Ministère fir auswäerteg Ugeleeënheeten, deen ronn 75 % vun de Käschten ofdeckt, während déi reschtlech 25 % duerch selwer gesammelt Fongen gedeckt ginn. Unity Foundation schafft mat engem Netzwierk vu lokale Partner a Latäinamerika, Afrika an Asien zesummen an ënnerstëtzt hir Efforten, fir d'Kapazitéite vun hire Communautéiten ze stäerken, sou datt si hir eege Entwécklung selwer kënne leeden.

**Pressekontakt:** Dominique Reischl, Fundraising Officer | +352 621 675 266 | info@unityfoundation.lu